LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 22 août 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 AOUT 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°834 du 26 juin 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant la sécurisation du site de l'aéroport de Luxembourg, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics
Ministre de la Sécurité intérieure

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an éffentlech Aarbechten a Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Ufro n° 834 vum 26. Juni 2019 vum honorablen Deputéierten Här Marc GOERGEN

Den honorabelen Deputéierten hätt gär zousätzlech Informatiounen zur Sécherheet um Findel.

D'Sécherheetsmoossnhame ronderëm an um Findel sinn net verstäerkt ginn nom Incident um "Kleine Brogel". Dat erkläert sech éischtens doraus, datt eis Sécherheetsmoossnahme konform sinn zu de Virgaben déi déi europäesch an international Texter verlaangen, an zweetens doduerch, dat mir momentan iwwert keng weider Elementer verfügen, déi drop hindeiten géifen, dat weider Sécherheetsmesuren ubruecht wieren nom Tëschefall an der Belsch.

Dozou muss een awer och wëssen, dat Militärfluchhäfen wéi deen um „Kleine Brogel" net ënnert déi europäesch Texter falen, am contraire zu den zivillen Fluchhäfen, an dat mir keng Informatiounen hunn iwwert den Sécherheetsstandard deen um "Kleine Brogel" applizéiert gëtt.

De gesamte Perimeter vum Fluchhafen Findel gëtt souwuel iwwert technesch Moyenen (CCTV) wéi och mat Patrullen vu Lux-Airport an der Police iwwerwaacht, woubäi sech Hondsstaffel vun der Police regelméisseg un den Patrullen bedeelegt. De CCTV-System ass 24/7 vun qualifizéiertem Lux-Airport Personal besat. Doriwwer eraus garantéiert Police eng verstäerkt Präsenz während den Spëtzestonnen um Findel an et ginn regelméisseg gemeinsam Kontrollen mat der Douane um Findel ausgeféiert.

Wat de Plan de Sécurité Aéroportuaire (PSA) betrëfft, muss ee wëssen, dat deen op europäesch an international Texter opgebaut ass. Dës Texter definéieren d'Minimal-Standarden déi applizéiert musse ginn an jiddwer Memberland ass et iwwerlooss, Sécherheetsinstallatiounen ze implementéieren, déi iwwer dës Texter eraus ginn.

Zum jëtzegen Zäitpunkt erfëllt eisen PSA all Exigenzen déi an dësen Texter verlaangt sinn.